

Mee 1997

WEIRICH Jos. gebuer 11.6.1922
wundt Diddeléng, 21, rue Jean Wolter

no Primärschoul, Industrieschoul

Absicht elterleche Betrieb weidder ze fëieren, Februar 1939 Stage als Volontär an der Quincaillerie Jules Weber zu Metz, ënnerbrach duerch den Ausbroch vum Krich.

Aktiv am Widderstand géngt d'Preisen a fir sech dem Zougrëff ze entzéien als Chef d'Equipp am krichswichtigem Betrieb Jean Think zu Diddeléng geschafft.

17.2.1943 bis 12.5.1943 Anzéen an den Reichsarbeitsdienst (RAD) Polajewo
28.6.1943 bis 4.2.1944 Anzéen an d'Wehrmacht

Wëll den Entschluss besteet no der Ausbildung an der Wehrmacht ze désertéieren gëtt bei der Famill G. Schwertzer an der Blumestrooss zu Diddeléng eng Stopp préparéiert.

Awer Ausbildung a Russland an Frontasätz am Mëttelabschnitt.(Smolenz)

4. Februar 1944 Urlaub.

Fir den Elteren d'Folgen vum der Desertioun ze erspueren, nët heem gefuer, mä an der Gegend vu Stuttgart sollen d'Spueren verhuert goen. Dofir gin Postkarten vum Stuttgart, Tübingen, Heidelberg a Mannheim heem geschéckt.

Den 12. Februar kommen ech onentdeckt zu Diddeléng un. Onerwart ass méng Stopp an der Blumestrooss besat. Eng Filière vum dem LFB an d'Frankreich war geplazt an de Schiltz Menn huet misse kuerzfristeg ënnerdag kommen. E Lëtzebuurger war e Lëtzebuurger an et huet missen eng nei Stopp fir mech gesicht gin. Provesoresch bei der Famill Spiroux zou Diddeléng, schaaft den Déchen Nic. Weirich am Pasttouschhaus zu Bétébuerg eng Stopp fir séng 2 Neveu'en.

Beim Bombardement vu Bétébuerg stierwen an der Schrainerei niewendrun 4 Memberen vum der Famill Lamberty.

Befreiung den 12. Mee zou Bétébuerg.

Schaffen an der Quincaillerie a Miwelhandlung Weirich zu Diddeléng.

Gründungsmitglied vum der Ligue "Ous Jongen" a Member vum Zentral-Comitee vum 1.2.1945 bis 5.3.1946.

Gründungsmitglied vum der Ligue "Ous Jongen" Sektioon Diddeléng den 8.2.1945 a Président bis haut.

1959 gët de sougenannten Däitsch-Lëtzebuurger Reparatioun's Vertrag vum Aussenminister Schaus Eugène ënnerschriewen.

30.3.1960 Generol Versammlung vum der Sektioon Diddeléng a Gründung vum Aktioun's Comitee

12.4.1960 President vum Aktioun's Comitee.

30.8.1960 Gründung vum der Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de force a President bis haut.

- 1961 - éischt Erfolger op legislativem Plang.
 - déi gefaalen a verméssten enrôlés de force kréen offiziell den Titel " Mort pour la Patrie" an hir Kant "Pupilles de la Nation"
 - Den Innenminister Pierre Grégoire ordonnéiert iwert d'Gemengen e Recesement vun alle Médercher Jongen déi zwangsrekrutéiert waren.
- 1962 Vierschlée fir e Monument Nationale gi gesammelt an éng Souscriptioun's Löscht lancéiert.
- 1967 25. Februar Gesetz iwert verschidde Moosnahmen zou Gonschten vu Persounen déi Affer vun illegal Akten vun der Besatzungsmacht gouwen, an d'enrôlés de force Naziaffer erklärt.
- 1968 24. Juni Groussherzogleschen Beschluss iwert d'Schaafen an d'Attributioun vun der "Médaille de la Reconnaissance Nationale".
- 1971 10. Oktober. Aweihung vum Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise, wat op Initiativ der Fédératioun vun den enrôlés de force geschâfe gouv.
- 1974 26. März. D'Gesetz iwert de Complément différentiel.
 Wëll elo kéng vun de groussen politeschen Parteien séch bereed erklärt och nach déi löscht Fuerderungen vun den enrôlés de force gesetzlech ze régleen, beschlést de Federatiouns-Comité sec dem Wieler mat sénge Fuerderunge ze stellen a bei de Wahlen 1979 ége Wahllëschten opzestellen.
- 1979 10. Juni. Jos. Weirich gët op der Löscht am Süden an d'Chamber gewielt.
- 1981 12. Juni. Gesetz wat d'enrôlés de force als Victimes patriotiques déklaréiert a sie am éngeännerten Gesetz vum 25. Februar 1950 mat hinne gleichgestalt och wat d'Indemmnisatioun bestrëfft.
- 1981 14. Juni. Gesetz wat déi vun den enrôlés de force gefuerdert Verbesserungen an de Gesetzer vum 25. Februar 1967 an 26. März réaliséiert.
- 1996-1997 Réalisatioun an Aweigung vum Memorial de la Déportation an der âler Gare zu Holleréch.